# CAHIER DES CHARGES




Mäi Choix

sne
syndicat national des enseignants cgfp

**CAHIER DES CHARGES ACCUEIL 2025 DU SNE/CGFP**

*Le présent cahier des charges a été rédigé par le Groupe de travail ACCUEIL du sne/cgfp.*

*Lien vers le cahier des charges général du sne/cgfp :*

1.

**D'Testen ausgefouert vum SIA muss obligatoresch gemaach ginn.** Nëmmen esou kann assuréiert ginn, datt och all Kand a senger Mammesprooch ka getest ginn. Dëst stellt fir d'Enseignanten an déi weider Färderung vum Kand eng ganz wichteg Informatioun duer. Weiderhi ginn dann och an de Schoule **keng Léierstonne** fir d'Kanner **verluer**. Ausserdeem géif dëst dozou bäidroen, datt et zu kenge qualitativen a quantitativen Ënnerscheeder méi kënnt (Testen ausgefouert vum SIA am Verglach zum Testen duerch den Enseignant an der Schoul).

- **D'Tester upassen.** An zwar engersäits un d'Schwieregkeetsgrade vun **de jeeweilege Cyclen an Aklang mam neie Plan d'Etudes** an anerersäits **mat enger ganzheetlecher Siichtweis an dem Background vum Kand** (Aarbechtsgeschwindegkeet, Ausdauer, Aarbechtsastellung, Motivatioun, ...). Et feelt och eng Ecoute an de Kanner hirer Sprooch. Den Ament gi nämlech virun allem nëmmen d'Basics getest.

**Orientéierung primär no de Kompetenzen an net primär nom Alter.** Et soll een d'Kand dohinner orientéieren, wou et mat senge Kompetenzen am beschten un den Inhalter vun a mat der Klass schaffe kann. Am Zweifel léiwer no ënnen orientéieren, wou d'Kand **besser matschaffe** kann. Dëst natierlech ëmmer konform an am Aklang mat senger Altersklass an ënnert der Konditioun, datt d'Kand sech a senger **ganzheetlecher Entwécklung** a senger Grupp Klass erëmfënnt, wat fir seng Integratioun vu grousser Bedeitung ass.

Och ass et méi sënnvoll an eng Accueils-klass am Lycée wéi an en C4 ze orientéieren, wann den Alter et erlaabt.




**All Kand aus dem C2 bis C4 muss Accueil kënnen hunn.** Am C2 soll et keen Automatismus ginn, datt e Kand am C2.1 ouni Accueil ufänkt. Wann erfuerderlech, mussen och Kanner aus dem C2.1 kënnen Accueil kréien.

- **Den Enseignant ënnerstëtzen** an net elengloossen. Engersäits duerch eng **Guidance duerch de SIA**, mee och duerch d'Bereetstelle vun alle méiglechen **Informatiounen** an vun ugepasstem franséischen, respektiv bilingualem **Material**.

Positiv ass den Ament zwar e séiere Retour bei e-Mailen, mee och iwwer Telefon (Hotline) misst een direkt op spezifesch Froe konkret Äntwerte kënne kréien (Beispill: Adress am Ausland, Kanner ouni Matricule, ...), fir datt eng **séier Problemléisung** d'Reegel gëtt.

## 4.

**D'Fräischalte vum Accès op de SIA-Dossier** dauert beim Schoulwiessel ze laang. Dësen Transfert **muss verbessert ginn** an direkt geschéien. D'Zil misst sinn, dëst eenheetlech mam Scolaria ze verbannen, wat souwuel eng administrativ Vereinfachung wéi och d'Léisung vun dëser Problematik géif duerstellen.

- Den **Internetsite an d'App vum SIA** musse verbessert a méi performant ginn. **D'Fonctioun, e Mediateur kënnen ze buchen**, muss deemno integréiert ginn. Dëst wär eng grouss Hëllef, well aktuell dauert dat nach ëmmer ze laang.

Sou wéi d'I-EBSen aktuell en Espace op «enseignement-fondamental.lu» hunn, sollten **och Titulairë vum Accueil en Espace mat Accès op all Informatiounen** (zu Kontaktlëschten, Reglementer, Formatiounen, …) hunn.

## 5.

**All Kand soll een eenzege Bilan hunn an dofir soll de Bilan vum Accueil an de reguläre Bilan integréiert ginn.** Eng elektronesch Form ass hei iwwerfälleg a mat der Integratioun an de Scolaria wär dëst geléist, méi iwwersichtlech a géif dobäi eng administrativ Vereinfachung duerstellen.

- Den Accueil brauch **en adequate Budget** zu senger Dispositioun, fir de Kanner hiert Aarbechtsmaterial kënnen unzeschafen. Hei gëtt ganz vill differenzéiert an individuell geschafft an deemno besteet e grousse Besoin mat verschiddenen an ugepasste Materialien an Aarbechtsblieder ze schaffen.

| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
| --- | --- |
| Envois non distribuables à retourner à:<br>L-3290 BETTEMBOURG | Port payé<br>PS/161 |